# Borreliose




Et ass rëm Saison vun de Bëschzecken, a si kënne Krankheeten iwwerdroen, virun allem Borreliose.
Dëst ass eng bakteriell Infektioun, déi duerch den Zeckebass iwwerdroe gëtt.
Et gëtt nach keen Impfstoff géint Borreliose an och keng Immunitéit géint d'Krankheet, et kann een sech also puer Mol mat Borreliose infizéieren.
Borreliose ass net ze verwiessele mat der FSME (Frühsommermeningoenzephalitis), déi et an eiser Regioun nach net gëtt.

**Symptomer**

-2-30 Deeg nom Zeckebass

Un der Bassplaz kann eng rankfërmeg Routfierwung vun der Haut optrieden:
den ERYTHEMA MIGRANS



Borreliose huet onspezifesch Symptomer, wat hier Diagnos erschwéiert.
Dozou gehéiere Middegkeet, Féiwer a Kappwéi

-Woche bis Méint nom Zeckebass

- Hirnhautentzündung, hallefsäiteg Gesiichtslämung
- Arthritt
- Häerzmuskelentzündung mat Häerzrhythmusstéierungen a Wéi op der Broscht
- Verännerunge vun der Haut

-méi wéi 6 Méint nom Zeckebass

- Arthritt
- Schiedegunge vum Gehier a vum Réckemuerch (Kribbelen an de Fanger)
- Verännerunge vun der Haut: Pergamenthaut

**Diagnos a Behandlung**

D'Fréierkennung baséiert op klinesche Symptomer, wéi z.B. dem Erythema migrans.
No der Diagnos soll sou séier ewéi méiglech eng Antibiotikatherapie gemaach ginn. 2–6 Wochen no der Infektioun trieden och am Blutt Antikierper op.

**Schutzmoossnamen**

- Hell Kleeder mat laangen Äerm a laang Boxen am Beschten an d'Strëmp gestach
- Kierper ofsichen nom Openthalt an der Natur (Zecke setze meeschtendeels um Kapp, bei den Oueren an an de Hoer, um Hals, an der Knéikäilchen oder am Intimberäich.

> Bei weideren Froen, kënnt der Iech gäer am STP mellen